PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/11/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Ufanks des Mounts huet de fréiere Commissaire à l'Education physique et aux sports op RTL een Appell un de Ministère gemaach, fir säin Nofollger ze bestëmmen. Dem fréiere Beamten no, brauch een am Ministère net nëmmen ee politesche Beroder, mee och ee Fachexpert am Sportberäich. *"Eng Zukunft ouni Commissaire aux Sports bedeit, datt fir déi organiséiert Sportswelt (Comité olympique a Sportfederatiounen a -veräiner) kee fachkënnegen Uspriechpartner méi am Ministère ass, a keen Expert fir nei Impulser aus dem Sportsministère erauszeginn."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gouf de Poste vum *Commissaire à l'Education physique et aus Sports* mëttlerweil néi besat?
   Falls nee, ass de Sportminister der Meenung, dass de Sportsministère e *Commissaire à l'Education physique et aux Sports* brauch?

2. Wéi vill Beamte schaffe momentan am Sportsministère? Wéi vill vun deene Beamten hunn nogewise Kompetenzen am Beräich Sport, also absolvéiert Studien an de Beräicher vun der Sportwëssenschaft, dem Sportmanagement oder änlechem?

3. Ass de Minister der Meenung, dass eng Professionaliséierung vum Spëtzesport Hand an Hand mat enger Professionaliséierung vun de Sportveräiner a Federatioune muss goen? Falls jo, wéi eng Schrëtt huet de Sportsministère bis elo an des Richtung gemaach a wat fir Konzepter sollen an Zukunft nach ëmgesat ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député